N° 285
Entrée le 02.12.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 2ten Dezember 2025 wéilt ech dem Minister fir Wirtschaft eng mëndlech Fro stellen.

Dat franséischt Parlament huet de 27ten November ee Gesetz gestëmmt, mat deem ArcelorMittal a Frankräich soll vum Staat iwwerholl ginn. D'Gesetz muss nach vum franséische Senat ugeholl ginn, wou et eng grouss Oppositioun gëtt. Déi franséisch Regierung huet sech géint d'Gesetz vum franséische Parlament ausgeschwat. Esou ee Plang hätt Konsequenze fir Lëtzebuerg, wou Arcelor Mittal säin Haaptsëtz huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wéi steet déi lëtzebuergesch Regierung zu der Initiative vum franséische Parlament?

Goufen et Gespréicher mat der franséischer Regierung iwwert dës Nationaliséierung duerch Frankräich?

Wat fir eng direkt Auswierkungen huet dat franséischt Gesetz vun der Nationaliséierung elo direkt op Lëtzebuerg?

Géif Lëtzebuerg och eng Nationaliséierung vum Siège oder eng Filial duerchféieren, falls de franséische Staat säi Gesetz duerchzitt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés